



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

De Code de Travail (Art. L. 313-1) hält fest, dass Salariéen obligéiert sinn "[de] signaler immédiatement, à l'employeur et/ou aux salariés désignés et aux délégués à la sécurité, toute situation de travail dont ils ont un motif raisonnable de penser qu'elle présente un danger grave et immédiat pour la sécurité et la santé ainsi que toute défectuosité constatée dans les systèmes de protection."

Bei héije Baussentemperaturen kann et och a Bürosraim séier immens waarm ginn, esou dass och ze héich Temperaturen ob der Aarbechtsplaz e Gesondheitsrisiko an domat en "danger grave et immédiat pour la sécurité et la santé" duerstelle kennen.

Well et zu Lëtzebuerg – anescht wéi an eisem Nopeschland Däitschland – keng konkret gesetzlech Reegelung gëtt, déi festhält, ab wéi engen Temperaturen Aarbeschter fräi misste kréien, trauen sech déi wéinegsten Employéen, sech ob de Code de travail an d'Garantie vun der Sécherung vun hirer Gesondheet ze berufen, fir bei grousser Hëtzt frei ze kréien.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Deelt de Minister d'Usiicht, dass ze héich Temperaturen ob der Aarbechtsplaz eng Gefor fir d'Gesondheet duerstellen?
- Ass de Minister der Meenung, dass gesetzlech misst gereegelt ginn, wéi vill Grad Celsius an engem Aarbechtsëmfeld maximal a minimal erreecht däerfe ginn?
- Ass de Minister der Meenung, dass esou eng gesetzlech Reegelung sech och explizit ob d'Enseignantë bezéie sollt, esou dass och eng Limitt fir Temperaturen a Klassenäll am Gesetz festgeschriwwen géif ginn, fir och d'Kanner ze schützen an d'Entscheidung vum Hëtze fräi net eleng bei de Gemengen ze beloossen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu